
# ALSTAD NEWS

ENG ZUKUNFT FIR ONS VERGAANGENHEET



COMITE ALSTAD

FOTO: © Musée National d'Histoire et d'Art

NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

28/2019

# Léif Frënn vum Comité Alstad!

*Guy Jourdain*
*President*



## "Dik, dik, dak, dik, dik, dak muer as Ouschterdag"

... an déi 192. Éimaischen um Fëschmaart steht virun der Dir ! De Comité Alstad huet och scho «Fréijoersbotz» gemaach: hien huet sech uganks des Joers am Schied vun der Méchelskierch néiergelooss, am fréiere Paschtoueschhaus, dat den Dechen Bernard Haal virun iwwert 130 Joer vun der Stad Lëtzebuerg gebaut krut. Dat Gebai ass, no grousse gelongene Restauratiounsaarbechten, vun der Stad Lëtzebuerg als Alstad-Kulturzenter den Amis des Musées, dem CAL, dem Comité Alstad, der Confrérie St. Michel an dem Méchelschouer zur Verfügung gestallt ginn. Mir soen dofir der Mme Lydie Polfer an den Servicer vun der Stad Lëtzebuerg, besonnesch dem Coordinateur vun de Restauratiounsaarbechten, dem Ben Moes, senge Mataarbechter an allen Handwierker, villmols Merci fir déi wonnerbar Aarbechten, déi geleescht goufen.

Dëst Joer gëtt et awer nach e puer aner Neierungen: op der Éimaische fannt Dir ons net méi um Rouscht, vis-à-vis vum Maréchalat de la Cour, mee **«um ale Maart», virun dem Kräizgank, der fréierer Franziskanerklinik.**

Onse Sekretär Claude Esch erzielt Iech op den nächste Seiten, wat et alles Neies dëst Joer op der Éimaische gëtt (Péckvillchen, Espresso-tasen, Fairtrade-Kaffi)...

No der gelongener Restauratioun vum Auerwierk aus dem Tuerm vun der Méchelskierch, déi Dir Iech op der Éimaischen am Agank vun der Kierch kënnt ukucken, wëll onse Verein dëst Joer ënner anerem, am Kader vun der «Unesco-Promenade», déi d'Iescht Joer an Zesummenaarbecht mam Comité Alstad konnt réaliséiert gin, en Heftchen erausgi mat der ausféierlech beschriwwener Promenade a mat historeschen Erklärungen.

Als Héichpunkt vum Joer gëtt dann de 24. Mee den Alstad-Kulturzenter am fréiere Paschtoueschhaus ageweit, an de 25. Mee wëll de Comité Alstad all seng Frënn an Ënnerstëtzer a sengem neie «Siège» op eng PORTE OUVERTE alueden !

Och fir d'Joeresenn ass onse Verein aktiv: fir d'Feierdeeg kënnt e wonnerschéint handgemolt a -geschriwwent Buch iwwert déi schéinsten Ecker vun onser Stad eraus, a vum 6. bis 8. Dezember 2019 organiséiere mir um Fëschmaart den éischte mëttelalterleche Chrëschtmaart am Kader vun de Stater Chrëscht- a Wantermaert.

An deem Sënn wënsche mir Iech elo scho schéin Ouschteren a freeën ons, Iech op der 192. Éimaischen erëm ze gesinn.

## Fir ons kleng Frënn

Op der Éimaischen, vun 10:00 Auer un, ass d'Valentina Becker do, eng professionnel Make-up- Artistin a Member vum Comité Alstad, fir gär a gratis onse klenge Frënn en hippe Face-painting ze verpassen. Fir weider Informatiounen iwwer Valentina Becker: **www.valentinabecker.com**

Mir hunn och erëm en ale Brauch ausgegruewen, an zwar «Eeërschëllen», dat 1982 fir d'Iescht vun de Kanner gespillt gouf. Eeërschëllen ass e Brullen (erof rulle loossen) vun Eeër iwwert eng Holzschinn. Wann een da mat sengem Ee eent vun deenen Eeër, déi um Bueden leien, téckt, dann huet een dat gewonn. Vun 10:30 Auer bis keng Eeër méi do sinn, ass all Kand invitéiert, fir mat ze spillen nieft dem Stand vum Comité Alstad um Rouscht. All Kand kritt en Ouschteree a ka säi Gléck probéieren.

# Wat gëtt et Neits fir déi 192. Éimaischen an der Alstad



## Péckvillchen

- Natierlech däerf onsen traditionelle Péckvillchen net feelen. Onse langjährege Member Serge Di Paoli huet och fir dëst Joer nees e ganz flotte Péckvillchen entworf. Réaliséiert gëtt de Péckvillchen an den Ateliere vun der Ligue HMC zu Capellen, an doriwwer si mer ganz frou.

Bestelle kann een de Péckvillche vun elo u bis de 15. Abrëll 2019 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vun 30€ pro Stéck, op ee vun onse Konten, mam Vermierk: Péckvillchen 2019.

Et sief nach bemierkt, datt de Péckvillchen 2019 just an enger ganz klenger Oplo vun nëmmen 150 Stéck produzéiert gëtt.

Den Erléis vun der Vente ass fir d'Kannercrèche op Almënster.

## 2 Espressotasen an en halleft Pond Kaffi

- No engem gudden Iessen drénkt ee jo nach ewell ganz gär en Espresso. An dofir hu mer ons eppes Spezielles afale gelooss. An engem flotten Emballage bidde mir Iech en halleft Pond Fairtrade Kaffi (100% Arabica) un, mat zwou Espressotasen mat enger Vue op de Rampart an op Méchelskierch. Et ass eng Vue vum Lëtzebuerger Kënschtler Lé Tanson.

Bestelle kann een déi 2 Espressotasen mat dem ½ Pond Kaffi vun elo u bis de 15. Abrëll 2019 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vu 50 € pro Set (2 Tasen + Kaffi) op ee vun onse Konte mam Vermierk: Espressotasen.

Mir hu fir Iech 125 däer Emballage préparéiert.

Den Erléis vun der Vente ass fir Fairtrade Lëtzebuerg a.s.b.l.

Ofhuele kann ee seng bestallten a bezuelten Espressotasen an/oder och de Péckvillchen




Ouschterméindeg, den 22. Abrëll 2019 op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (virun der fréierer Franziskannerklinnik), vu mueres 08:00 bis 17:00 Auer.

Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d'Méiglechkeet, seng Bestellung bei ons am Büro op N° 14 an der Siegfriedstrooss (dat fréiert Paschtoueschhaus vu St. Méchel) um Fëschmaart, vum 23. Abrëll bis den 30. Abrëll 2019 ofzehuelen, vu mueres 09:00 Auer – 12:00 Auer.

**Mir wënschen Iech vill Freed mam Péckvillchen 2019 a losst iech den Espresso gutt schmaachen.**

| | |
|---|---|
| **Spuerkees:** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck:** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |
| **BGL-BNP Paribas:** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |
| **Banque Raiffeisen:** | **IBAN LU77 0099 7800 0057 7023** |

# Le bâtiment du Conseil d'Etat: un aboutissement d'une évolution architecturale à l'entrée de la Vieille Ville de Luxembourg

*Isabelle Yegles-Becker*

## L'entrée pittoresque de la Vieille Ville

Une entrée d'une ville est souvent marquée par une architecture qui attire le regard. Cette tradition prend ses racines dans les villes antiques qui ont des entrées pointées par des aménagements d'accès, comme des arcs de triomphe, des statues ou des portes. A Luxembourg, la majorité des portes de ville ont disparu au moment du démantèlement de la forteresse. Face au rocher du Bock, se trouvait l'ancienne porte du Château, à côté de laquelle se trouva une maison de garde, d'architecture très simple. Elle était adossée contre l'ancienne maison de Zorn. Ces vestiges militaires n'existent plus.

Le démantèlement de la forteresse va de pair avec la création de belles plantations d'alignement, de mise en place de promenades et de nouveaux garde-corps à partir de 1867. L'entrée de la Vieille



*L'entrée de la Ville de Luxembourg vers 1900, photo MNHA, cote n1013, auteur inconnu.*

Ville est précédée au niveau du Bock d'une plate-forme arborée, destinée à la contemplation. Les vestiges des casemates attirent les touristes dès le dernier quart du XIXe siècle.

La signification touristique de ce lieu comme entrée, aussi parfois appelé berceau de la ville, n'a pas changé depuis le XIXe siècle. Quant à la silhouette de la ville construite, si pittoresque fut-elle qu'elle devienne tout naturellement un sujet privilégié des cartes postales de la Belle Epoque.

Par la suite, les fonctions et les modifications architecturales de la première maison située à droite de l'entrée de la Vieille Ville dans laquelle se trouve le Conseil d'Etat seront présentées.


## Fonctions et habitants au fil du temps

Une première mention en 1570 attribue la maison à l'échevin Nicolas Greisch qui l'avait acheté à Jean Kremer. Elle passe à Henri de Marche en 1602 qui va la transmettre en héritage à Jean Zorn, avocat du Conseil provincial. C'est sa fille Marie Zorn (1625 – 1691) qui entre dans l'histoire luxembourgeoise pour son engagement charitable puisqu'elle a fait venir à Luxembourg les sœurs de l'ordre hospitalier Sainte-Elisabeth, pour la fondation du premier hôpital «moderne» de l'époque. En 1667, l'autorisation royale lui permet d'installer des chambres pour malades dans sa propre maison avant leur départ à l'hospice Saint-Jean au Grund. La maison de la veille ville est le refuge des sœurs hospitalières au cours du siège militaire des troupes françaises sur la ville en 1683 et 1684. En 1728, l'avocat François Tertzweich acquiert la maison qui reste à partir de ce moment une maison de notable où vont se succéder comme locataires ou habitants le médecin Suttor, Dominique Reuter, la veuve Mersch, le professeur Barreau, le jeune avocat Emmanuel Servais (1811 – 1890) connu par la suite pour avoir été un grand serviteur de l'Etat.

La maison devient en 1856 un établissement bancaire, dénommé «banque Werling». Malgré cette nouvelle fonction, la maison conserve toujours sa fonction d'habitation. Acquis en 1923 par Hans Dumont, ingénieur, membre de l'Institut Grand-Ducal, des parties sont louées à l'œuvre Catholique de Charité (Caritas). Le propriétaire, célibataire, est désespéré de voir grandir à côté de sa maison le pignon de la clinique Saint-Joseph. C'est par la vente en 1953 à l'Etat qu'une nouvelle page d'histoire va s'ouvrir pour ce lieu, désormais transformé profondément par la construction d'un nouveau bâtiment administratif destiné au Conseil d'Etat.

## L'architecture évolue

La maison Zorn est devancée d'une petite annexe de style classique en briques prenant l'aspect d'un châtelet. Appelée Villa Werling, elle affiche un style français du XVIIe siècle, mélangé au langage



Avant-projet pour la construction d'un nouveau bâtiment contre le pignon exhaussé de la clinique Saint-Joseph. L'architecture moderne s'inspire de la maison «Ennert de Steiler» qui se trouve dans l'axe visuel en entrant dans la Vieille Ville. Avec la démolition de l'ancienne maison, la rue a été rendue plus large.

Dessin: Archives du Conseil d'Etat.

médiéval par la présence de tourelles tandis que le presbytère en face affirme le style néogothique.

Les temps évoluent du côté de la clinique Saint-Joseph qui procède à l'exhaussement de ses bâtiments durant les années 1930. Ce pignon aveugle invite la construction avoisinante à s'agrandir également. Ainsi, l'Etat en tant que constructeur va prendre en charge la réalisation du bâtiment pour le Conseil d'Etat au moment de la célébration de son centième anniversaire en 1956. Les plans sont signés Hubert Schumacher, architecte de l'Etat et Constant Gillardin, architecte de l'Administration des bâtiments publics.

Les avis sur les avant-projets du Président du Conseil d'Etat ainsi que celui de la cour grand-ducale sont positifs. La Grande-Duchesse Charlotte estime en effet, selon un courrier du Maréchal de la Cour, que la construction *«est en parfait harmonie avec les constructions du Marché-aux-Poissons»*, s'agissant *«d'une réplique de la colonnade de l'actuel café ennert de Steiler»*.

Le chantier démarre en 1956 et prend fin en décembre 1959. Le nouveau bâtiment moderne sur plan trapézoïdal est inauguré le 28 janvier 1960 en présence de son Altesse le Grand-Duc héritier Jean.

## Le bâtiment affiche un modernisme modéré.

A l'intérieur, l'escalier élégant hélicoïdal est placé au centre du bâtiment et fait aujourd'hui la jonction entre le bâtiment des années 1950 et l'extension architecturale, mandatée au bureau d'architecture Arco Architecture Company s.à r.l. et réalisée en 2006 par le Fonds de rénovation de la Vieille Ville. S'y trouve un atrium sous verrière entouré de galeries qui donnent accès aux bureaux, tandis que du côté rempart, une nouvelle aile est érigée dans le prolongement du bâtiment avec un parking souterrain comme assise.

A l'extérieur, la silhouette emblématique de la Vieille Ville est respectée. A l'intérieur, les décors les plus représentatifs des années 1950 sont préservés tandis que les nouvelles réalisations architecturales portent la signature contemporaine de son temps.

**Pour approfondir le sujet:**

Leyder Jean (s.dir.) Centenaire, Administration des bâtiments publics, Luxembourg, 2010.

Yegles-Becker Isabelle, Kieffer Pierre, Pauly Michel, La corniche Nord de la vieille ville de Luxembourg, Architecture, Archéologie et Histoire, imprimerie Centrale, Luxembourg, 2017.



*A l'intérieur, l'escalier représentatif des années 1950 est prolongé à l'arrière par un atrium à galeries, de facture contemporaine. Photo FRVV, Christof Weber, 2006.*



*La nouvelle entrée de la ville présentant au premier plan le bâtiment moderne du Conseil d'Etat. Photo. Revue du 31.12.1960.*

# Perséinlechkeeten aus der aler Stad

## De Jhang Chalop... Scheffe vum Ale Maart

D'Elisabeth vu Lëtzebuerg-Görlitz war fréi Weesekand an ass beim Wenzel um béimesche Kinnekshaff groussginn. Si gouf och zweemol „déck" bestued. D'Saach gouf awer quokeleg, wéi et iwwrem Elisabeth seng Dott hirgaang ass: eng Prinzessin vum béimesch-lëtzebuergeschen Haus, déi nët d'Krounprinzessin war, hat nom Hausrecht 120.000 Goldflorèngen zegutt. Ma déi Zomm hat déi zwou Kéiere weder de Wenzel nach de Sigismund berappt. Duerfir krut d'Elisabeth vu Görlitz, amplaz vun hirer Dott, d'Stackland Lëtzebuerg verpännt. Si wor eng Dropméchesch, huet am Floribus gelieft an hat d'Land bestëmmt dräimol dropgemaach, ir ee vun hire „Geldschësser" dohannert koum.

Uganks de 1440er Joere war de Staatsbankrott zeideg. Wou fënnt een do nach Suen? Ma du gouf et gleich een, deen drop gegamst huet, fir beizesprangen. Si konnt jo kengem d'lerfrecht verkafen, wat si net hat, héchstens nëmmen hire Pand.



Pandhär vu Lëtzebuerg spillen, dat goung dem Herzog Philipp vu Burgund fir den Ufank nawell duer.

Als lerfhären haten d'Sachsen d'Recht, d'Land wéinstens militäresch z'iwwerwaachen. Duerfir hu se du séier eng Garnisoun an d'Stad op de Bock geluecht. Eng burgundesch Invasioun war do schonn ze färten, just net, datt s'ewell sou eenzock kéim.

Den Olivier de la Marche, deen deemools als herzogleche Page derbäi war, wéi d'Burgunder Lëtzebuerg mat enger Fapp ageholl hunn, an deen an dee ganze Stater Misär déi Deeg eragesinn hat, erzielt, datt just ee Biirger vum Ale Maart mat der Pick op d'Burgunder duergelaf ass, an dat wier de „prévot de la ville" gewiescht. E wier doutgestach gin. En Numm nennt en net, e wousst wuel och keen, well esou en dichtege Mënsch war dat guer net fir hien, datt een deen hätt misse mam Numm kennen. Ma vu wiem kann do Rieds gewiescht sin? Mam „Stadpropst" kann héchstens de Propst vun der ganzer Probstei Lëtzebuerg gemengt sinn, dee sech da „prévôt de Luxembourg" genannt huet. An dat war zanter 1432 de Jhang Chalop. Ir hie Propst gi war, war de Jhang Chalop och ewell e puermol Stadriichter gewiescht an dernieft nach Schäffen, an dat blouf ee jo deemools säi Liewe laang. Hie war e räiche Wiirt a Wäinhändler, vleicht esouguer deen „déckste" Biirger vun der Stad, an huet wahrscheinlech „ënnert de Steiler" gewunnt.

Wann een dem Jean Bertholet séng „Histoire écclésiastique et civile du Duché de Luxembourg et Comte de Chiny" vu 1741-1743 liest, dann ass et gutt méiglech, datt de Jean Chalop et wor, deen den 22. November 1443, mat engem Poul arméiert, um Ale Maart sech de Burgunder entgéingestallt huet. Hie gouf dobäi doutgeschloen.

(No engem Text vum Alain Atten aus dem Programmheft vum Stater Conservatoire vum 19. Oktober 1990)



# Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comité ass zanter e puer Joer amgaang, e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz frou iwwert är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn, Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher wéi z. B. Prëssessiounen, Kommiounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoën oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze dinn hunn.

**De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoën oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Kopie kann dovunner gemaach ginn.**

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen.

Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.

Comité Alstad a.s.b.l.

Siège: 14, rue Sigefroid • L-2536 Luxembourg

Téléphone: (352) 46 61 88 • Fax: (352) 40 97 50 • E-mail: comite.alstad@pt.lu • www.comitealstad.lu

De Comité Alstad fillt sech verantwortlech, Är Daten beschtméiglech ze protégéieren. Dowéinst wëlle mir Iech matdeelen, datt mir folgend Informatiounen an eiser Base de Données späichere kënnen (souwäit vun Iech uginn): Ären Numm • Är Adress • Är Email-adress • Är Telefonsnummer(en) Dës Daten ginn ausschliisslech genotzt, fir mat Iech ze kommunizéieren. Är Donneeë ginn net un Drëtt weidergeleet. Sollt Dir mat dëser Utilisatioun net averstane sinn, kennt Dir z.B. eis Newsletter ganz einfach ofbestellen, andeems Dir eng Äntwert mat dem Wuert «Ofbestellen» zréckschéckt, oder eis uruffen.